



Betreff: Formationne fir “Animateur spécialisé 2020” (Freelance)

Den SNJ sicht jonk an dynamesch Leit déi wëllen un verschiddene Formationen deelhuele fir duerno Gruppe bei eis ze encadréieren. Dëst a verschiddene Beräicher (Sport, Team Building, Medien, Interkulturellt Léieren, gesond Ernierung a Bildung fir nohalteg Entwécklung) an hire Jugendzentre Lëtz, Huelmes a Märjendall.

D'Formationne gi vum SNJ an deelweis an Zesummenaarbecht mat der ENEPS (Ecole nationale de l'Education Physique et des Sports) ugebueden.

Wann dir interesséiert sidd, oder Leit an ärem Ëmfeld kennt, da kuckt op eise Siten www.basenautique.lu an www.marienthal@snj.lu ënnert “travailler en freelance” fir weider Informatiounen an d'Aschreiwung.

D' Konditiounen fir d'Umeldung sinn:

- Préinscriptioun era mailen/schécken
- Zwëscht 18 a 40 Joer al sinn
- Lëtzebuergesch schwätzen a verstoe kënnen
- Extrait vum Casier judiciaire N°5 → protection des mineurs
- 100 € (frais de dossier) op den SNJ Konto iwwerweisen
- Brevet de sauvetage (fir all Waasseraktivitéiten)

Bei Froen iwwert d'Aschreiwung an den Oflaf vun de Formationne kënnst dir entweder per e-Mail ënnert freelances@snj.lu oder per Telefon um **247 864 96** Äntwerte kréien.

Mat frëndleche Gréiss,

SNJ Team vu Lëtz, Huelmes an aus dem Mariendall